N°1254
Entrée le 30.09.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.09.2024
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 30. September 2024

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz weiderzeleeden :

„An Däitschland, Dänemark an Éisträich goufe virun e puer Deeg Salmonellen an der Rucolazalot festgestallt. Dës Zalot soll aus Italien importéiert gi sinn.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz follgend Froe stellen:

- Gouf et mëttlerweil och Kontrollen hei zu Lëtzebuerg? Wa jo, wat gouf genee festgestallt?
- Solle geziilt Kontrollen an den nächste Wochen duerchgefouert ginn?
- Wéini ass et virgesinn, fir d'Geschäfter an d'Konsumenten an dëser Saach ze sensibiliséieren an déi néideg preventiv Moossnamen z'ergräifen?
- A wat fir enge Liewensmëttel goufen an de leschte Jore verstäerkt Salmonelle festgestallt ?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten

N°1254
Entrée le 05.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°1254 vun den éierbaren Deputéierten André Bauler a Luc Emering**

1. **Gouf et mëttlerweil och Kontrollen zu Lëtzebuerg? Wa jo, wat gouf genee festgestallt?**

   Zu Lëtzebuerg gi reegelméisseg Kontrolle vu Liewensmëttel vun Déier- an Net-Déier-Hierkonft gemaach, dës Kontrolle sinn an den alljärlechen offizielle Prouwepläng virgesinn.
   Zalot-Echantillon'en (inklusiv Rucola) goufen dofir duerchgefouert, an et goufe bis elo nach ni Salmonellen dobäi festgestallt.

2. **Solle geziilt Kontrollen an den nächste Wochen duerchgefouert ginn?**

   Am Hibléck op d'Aktualitéit ass an der Woch vum 7. Oktober eng geziilte Prouwekampagne organiséiert ginn, déi nëmme representativ Prouwe vu Rucola geziilt huet, déi aus verschiddene Geschäfter aus dem Land geholl gi sinn. D'Resultater vun den Analysen hu gewisen, dass keng Salmonelle fonnt ginn ass.

3. **Wéini ass virgesinn, fir d'Geschäfter an d'Konsumenten an dëser Saach ze sensibiliséieren an déi néideg preventiv Moossnamen z'ergräifen?**

   Et gëtt e schnellen Alarmsystem bannent der EU (Système alertes rapides iRASFF), deen et méiglech mécht, aner Memberstaaten z'informéieren oder vun anere Memberstaaten informéiert ze ginn, wann Nonkonformitéiten an de Liewensmëttel, déi an der EU vermaart ginn, detektéiert ginn.
   Et ass iwwer dësen europäesche Kooperatiounssystem, datt Lëtzebuerg muss informéiert ginn am Fall vu Salmonellen a Liewensmëttel, déi aus anere Memberstaaten hierkommen an um Lëtzebuerger Territoire zum Verkaf stinn. An esou engem Fall vu potenzieller Detektioun vun enger Salmonelle gëtt dann eng Kommunikatioun gemaach, fir d'Bedreiwer vu Liewensmëttelbetriber (Opérateurs de la chaîne alimentaire) an d'Konsumenten z'informéieren, wa festgestallt gëtt, datt Liewensmëttel, déi potenziell vu Salmonelle kontaminéiert sinn, op eisem Territoire verkaf ginn. Réckzuchsmoossnamen an de Betriber a Réckruffmoossnamen fir Konsumente kënnen dann no enger Risikoanalyse vun der ALVA duerchgefouert ginn.

4. **A wat fir enge Liewesmëttel goufen an de leschte Jore verstäerkt Salmonelle festgestallt?**

   An de leschte Joren ass episodesch eng Salmonelle am frësche Fleesch (Schwäin a Gefligel) festgestallt ginn. Moossname goufen agesat fir den Urspronk vum Problem ze entdecken, dat frëscht Fleesch konnt da fir d'Produktioun vun hëtztbehandelte Fleeschprodukter benotzt ginn.

Lëtzebuerg, de 4. November 2024
(s.) Martine HANSEN
Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau